N°715
Entrée le 10.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 10.05.2024

Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Mee 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Banneminister weiderzeleeden.

An der Stad ginn Automobilisten op der Kräizung vun der Stäreplaz an och op verschiddene Plazen op der Kräizung Bouillon systematesch vun Heescherte bedrängt. Dës profitéiere vun der Phase vun der rouder Luucht, fir iwwert d'Strooss ze lafen an d'Chaufferen, déi sech deem net entzéie kënnen, ëm Suen ze froen. Béid Kräizunge si staark befuer a verlaange vun de Leit voll Konzentratioun, déi duerch sou Aktioune massiv gestéiert gëtt an domat och e Sécherheetsrisiko duerstellen. Och op anere Plazen am Land schwätzen Autoschaufferen ëmmer rëm vun änlechen Tëschefäll.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Banneminister gär dës Froe stellen:

1) Ass dem Här Minister dës Problematik bekannt?
2) Wéi dacks koum et an de leschten 12 Méint, op deene genannte Kräizungen an änleche Plazen am Land zu Policekontrollen, fir dës Praxis ze ënnerbannen?
3) Wéi vill Leit goufen dobäi protokolléiert a wéi eng Sanktioune goufen ausgeschwat?
4) Gesäit den Här Minister an Zukunft nach verstäerkt Kontrolle vir, fir dëse Sécherheetsrisiko endlech an de Grëff ze kréien?
5) Kann den Här Minister evaluéieren, wéi wäit legislativ Upassungen der Police kéinten hëllefen, hei méi effikass duerchzegräifen, zum Beispill duerch zousätzlech Heescheverbueter an de Gemengereglementer oder dem allgemenge Strofrecht?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

N°715
Entrée le 11.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°715 vum 10. Mee 2024 vum honorabelen Députéierten Fernand Kartheiser zum Sujet "Mendicité aux carrefours"**

**Fro 1**

De Minister ass informéiert iwwer déi Problematik. D'Police wees och Bescheed.

**Fro 2**

Am Zäitraum vum 21. Mee 2023 bis den 20. Mee 2024 goufen insgesamt 71 Kontrollen am Kader vun de genannte Virfäll op deenen zwou Plazen duerchgefouert:

- 59 Mol zu Hollerech, dëst an der Ëmgéigend vum Salzhaff an der Kierch,
- 12 Mol op der Place de l'Étoile.

Fir net nëmme repressiv, mee och präventiv op esou Situatiounen ze reagéieren assuréiert d'Police weiderhin eng verstäerkte Präsenz.

**Fro 3**

Wa Leit iwwert d'Strooss lafen an dobäi de Verkéier gefäerden, spillen d'Dispositioune vum Code de la Route an et ginn Avertissements taxés ausgestallt. D'Police kann net matdeelen, wéi oft an de leschten 12 Méint esou Avertissements taxés ausgestallt gi sinn, well dës Detailer net an hiren Datebanken erfaasst ginn.

**Fro 4 a 5**

Dës Evaluatioun ass amgangen.

Lëtzebuerg, den 11. Juni 2024
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN